

**Evangelium vum Héichfest vun den Apostele Péitrus a Paulus [29. Juni]**  
**(um Virowend)**  
**(Joer A - B - C)**

**Joh 21,1.15-19**

*G. Den Här sief mat iech all.*

*A. An och mat lech.*

*G. Aus dem hellegen Evangelium nom Johannes.*

*A. Dir all Eier, Här.*

- <sup>1</sup> De Jesus huet sech de Jünger  
beim Séi vun Tiberias op en Neis gewisen,  
an zwar huet hien sech esou gewisen:
- <sup>15</sup> Wéi si giess haten, huet de Jesus de Simon Péitrus gefrot:  
"Simon, Jong vum Johannes, bass du méi frou mat mir wéi si hei?"  
De Péitrus huet him geäntwert:  
"Jo, Här, du weess, datt ech dech gär hunn."  
De Jesus sot zu him:  
"Féier meng Lämmer op d'Weed!"
- <sup>16</sup> Eng zweete Kéier huet de Jesus hie gefrot:  
"Simon, Jong vum Johannes, bass du frou mat mir?"  
De Péitrus huet him geäntwert:  
"Jo, Här, du weess, datt ech dech gär hunn."  
De Jesus sot zu him:  
"Hitt meng Schof!"
- <sup>17</sup> Eng drëtte Kéier huet de Jesus hie gefrot:  
"Simon, Jong vum Johannes, hues du mech gär?"  
De Péitrus ass traureg ginn,  
datt de Jesus hien eng drëtte Kéier gefrot hat: "Hues du mech gär?",  
an hie sot zu him: "Här, du weess alles;  
du weess och, datt ech dech gär hunn."  
Du sot de Jesus zu him:  
"Féier meng Schof op d'Weed!"
- <sup>18</sup> Amen, amen, ech soen dir:  
Wéi s du jonk waars, hues du dir selwer e Stréck emgebonden

an du bass duer gaang, wuer s du hiwolls.  
Wann s du awer al gi bass,  
da strecks du deng Hänn aus,  
an et ass en aneren, deen dir e Stréck ëmbënnt  
an dech duer féiert, wuer s du net hiwëlls."

<sup>19</sup> Dëst sot hien, fir unzedeiten,  
duerch wat fir en Doud de Péitrus den Herrgott verherrleche géif.  
An nodeems hien dëst gesot hat, sot hien zum Péitrus:  
"Komm mir no!"

*G. Evangelium vun eiser Här Jesus Christus.*

*A. Dech, Christus, luewe mir.*